## Rapport vun der Generalversammlung, déi den 29. Abrëll 2025 am Boulodrome zu Zolwer ofgehale gouf.

### Ordinären Deel

#### 1) Begréissung an Unhuele vun der Dagesuerdnung

De Präsident Dan CAO huet mat enger Begréissung d'Generalversammlung opgemaach.

Dagesuerdnung gouf ugehol.

D'Gemeng Esch/Uelzecht war duerch de Schäffen, Här André ZWALLY an d'Gemeng Suessem, duech hir Buergermeeschteg, d'Madamm Simone ASSELBORN-BINTZ vertrueden.

Entschëllegt haten sech ënneranerem folgend Persounen:

Nathalie MORGENTHALER, Meris MEHOVIC, Patrick DONDELINGER, Yves BIWER, Heng CLEMENS, Ben FUNCK, Pascal PLEIN, Serge MOLITOR, Ercole MARINANGELI, Jean-Michel DENGLER, Jhang MEIS.

De Präsident huet zu enger Gedenkminutt zu Eieren un eis verstuerwe Memberen opgefuerdert.

Extra ernimmt gouf den Här Marcel GLESENER, Éieremember vun der Amicale. Hien ass den 23.03.2025 verstuerwen.

No der Gedenkminutt huet de Präsident d'Generalversammlung iwwer Démission vum Här Carlo JONES am Verwaltungsrot informéiert an him Merci gesot fir seng joerelaang Arbecht, ënneranerem als Sekretär vun der Amicale.

#### 2) Aktivitéitsbericht

- De Verwaltungsrot hat sech am Joer 2024 sechs (6) Mol an enger Sëtzung zesummegesat. (05.02.2024; 07.03.2024; 04.04.2024; 02.05.2024; 11.7.2024; 24.10.2024).
- D'Generalversammlung gouf den 17.04.2024 ofgehalen.
- Den 20.09.2024 hat d'Amicale eng Studiereess bei AM-Bissen an SES Koerich mat senge Memberen.
- Den 26.09.2024 huet d'Amicale mat engem offizielle Bréif hir Ënnerstëtzung ënnermauert, fir datt d'Gebléisshal vum Belval op d'Lëscht "7 Most Endangered Programm 2025" vun der Initiativ Europa Nostra opgehol gëtt. Hei de Link: https://7mostendangered.eu/sites/blower-hall-esch-sur-alzette-luxembourg/
- No laange Joeren an no den Entrevue'en mam Stephane FRIERES a Lucio WERCOLLIER vum Fonds Belval, ass e groussen Deel vun den Héischiewestécker, déi als lescht op der Metzeschmelz gelagert waren, zréck op de Belval gaangen. De Fonds Belval huet sech engagéiert, déi Stécker ze restauréieren an um Belval ze integréieren. Si hun och d'Käschte vum Transport iwwerhol.

- D'Démarchen, fir d'St. Eloi Feier op d'Lëscht vum Patrimoine culturel immatériel vun der UNESCO ophuelen ze loosen, lafen. D'Amicale ass umgaangen déi 1. Etapp ze finaliséieren an zwar d'Ophuelen vun der St. Eloi Feier op déi national Lëscht vum Patrimoine culturel immatériel. Dës Demarche gëtt vun der Escher Gemeng an dem Ministère de la Culture ënnerstëtzt.
- No Kontaktopnahm (Amicale zesumme mat dem lewen) mat der Escher Gemeng gëtt d'Photosarchive vum Här Marcel BOUSCHET bei hinnen am Archiv opgehol.
- Den 01.12.2024 gouf déi 16. Editioun vun der St. Eloi Feier um Belval ofgehalen.
- Dokument « Inventaire des éléments à conserver lors de la restauration des hauts-fourneaux "A" et "B" sur le site d'Esch-Belval » gouf aktualiséiert an eng Säit ass deene Persounen gewidmet ginn, déi dozou baigedroen hunn, datt deen Inventaire esou konnt deemols gemaach ginn.

### 3) <u>Keesebericht</u>

D'Trésorière Joëlle PIZZAFERRI huet de Keesebericht presentéiert.

### 4) <u>Rapport vun de Keeserevisoren</u>

D'Keeserevisoren d'Hären MOLITOR a MARIANGELI hunn d'Keess kontrolléiert an schrëftlech matgedeelt, dass alles korrekt comptabiliséiert gouf.

### 5) <u>Décharge vum Comité</u>

D'Generalversammlung huet der Trésorière an dem Verwaltungsrot Décharge ginn.

### 6) <u>Ernënne vun de Keeserevisoren</u>

Déi Hären MOLITOR a MARIANGELI wäerten och 2025 d'Keeserevisioun maachen.

### 7) <u>Programme/Projet'en 2025</u>

- Expo "Marcel BOUSCHET" (Romain BOUSCHET – CNCI)
- 17. Editioun vun der St. Eloi Feier
- Preparatiounen fir den 20. Gebuertsdag vun der Amicale (2006 – 2026)
- Ofschléissen vun den Demarchen fir d'St. Eloi op d'national Lëscht vum Patrimoine immatériel ze kreien an Weiderféieren vun den Demarchen fir d'UNESCO.

### 8) <u>Open Diskussioun</u>

Un de Membere war et fräi d'Wuert ze huelen.

Den Här ZWALLY huet d'Amicale drophigewisen, datt hien fir si eng Méiglechkeet gesäit eng Conventioun mat der Escher Gemeng ofzeschléissen.

Den Här DOLENC huet den Owend vun der Generalversammlung en Don vu 50€ (Borgeld) un d'Amicale gemaach.

### 9) <u>Clôture vun der Generalversammlung</u>

De Präsident huet Generalversammlung clôturéiert.

# Extraordinären Deel

## 1) Begréissung an Unhuele vun der Dagesuerdnung

De Präsident Dan CAO huet mat enger Begréissung d'Generalversammlung opgemaach.

Dagesuerdnung gouf ugehol.

## 2) Ännerungen vun de Statuten

D'Statuten goufen un déi nei Gesetzgebung ugepasst. Déi proposéiert Ännerungen goufen der Generalversammlung erklärt.

D'Generalversammlung huet déi proposéiert Ännerungen ugehol an déi nei Statuten gestëmmt.

## 3) Clôture vun der ausseruerdentlecher Generalversammlung

De Präsident huet Generalversmmlung clôturéiert an op e Patt agelueden.

---

D'Membere vum Verwaltungsrot fir d'Joer 2025/2026 sinn:

- Dan ANTONY
- Patrizia ARENDT
- Dan CAO
- Ben FUNCK
- Robi GALES
- Ed. HUBERTY
- Camille LIESCH
- Camille MAHOWALD
- Gino PASQUALONI
- Joëlle PIZZAFERRI
- Raymond WEYLAND

D'Chargen ginn op der éischter Versammlung vum neie Verwaltungsrot opgedeelt.

**Dan CAO**

**Präsident vun der Amicale des hauts fourneaux A et B**
**de Profil-Arbed Esch-Belval**